Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Kultur weiderzeleeden.

Reegelméisseg kënnt et fir, datt Monumenter, déi laanscht d'Strooss stinn, am Kader vu Stroossebauaarbechten op Nationalstroosse musse geréckelt oder ofgerappt ginn. Am Fall vu Weekräizer gouf eis zougedroen, datt dës vu Sites et Monuments géife recuperéiert gi, fir e Moulage ze maachen an se uschléissend de Besëtzer, sollten déi dëst wënschen, zeréck ze ginn. Leider hu mir och héieren, datt et Weekräizer ginn, déi zanter Jore respektiv Joerzéngte bei staatleche Verwaltunge leien, ouni dass se un hir rechtméisseg Besëtzer zeréck gi goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Gëtt et eng schréftlech Prozedur, déi bestëmmt, wéi mat Monumenter laanscht Staatsstroossen am Kader vun Ëmbau- oder Erweiderungsaarbechten ze verfueren ass?
- Wéi vill Monumenter (Weekräizer an Ähnleches) ginn am Moment vu staatleche Verwaltunge verwahrt?
- Opgelëscht no Joren an Unzuel, wéi laang ginn/goufen dës Monumenter verwahrt?
- Sinn d'Ministeren net der Meenung, datt ee Privateegentum esou séier wéi méiglech misst zeréck ginn, nodeems déi néideg Aarbechten oder de Moulage gemaach goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député